

Evangelium vum 5. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)

Lk 5,1-11

- 1 Dat hei ass geschitt, wéi vill Leit sech ëm de Jesus gedréckt hunn,
fir dem Herrgott säi Wuert ze lauschteren:
De Jesus stoung beim Séi vu Gennesareth,
- 2 an hien huet zwéin Naache gesinn, déi beim Séi louchen.
D'Fëscher waren erausgeklomm an hunn d'Netzer gewäsch.
- 3 Dunn ass de Jesus an ee vun den Naache geklomm, dem Simon säin,
an huet hie gefrot, fir e Stéck erauszefueren.
Hien huet sech gesat
an huet vum Naachen aus déi vill Leit geléiert.
- 4 Wéi hie fäerdeg war mat Schwätzen,
sot hien zum Simon: "Fuer eraus bis dohinner, wou et déif ass,
a loosst är Netzer erof fir ze fëschen!"
- 5 De Simon huet geäntwert:
"Meeschter, déi ganz Nuecht hu mir äis kristillegt,
a mir hunn näischt kritt;
ma wann s du et sees,
da loosse ech d'Netzer erof."
- 6 Wéi si dat gemaach hunn,
hunn si mat enger Kéier esou eng Onmass Fësch gefaang,
datt hir Netzer bal gerass sinn.
- 7 Si hunn hire Komperen an deem aneren Naachen en Zeeche gemaach,
datt si kommen an hinnen eng Hand upake sollten.
Déi si komm, an si hunn déi zwéin Naache gefëllt,
esou datt dës drop an dru ware fir ënnerzegen.
- 8 Wéi de Simon Péitrus dat gesinn huet,
ass hie virum Jesus op d'Knée gefall
a sot: "Géi fort vu mir, Här,
well ech sinn e Sënner!"
- 9 Hien an all déi aner, déi bei him waren,

waren nämlech erféiert,
well si esou vill Fësch beienee gefaang haten.

- ¹⁰ Gradesou ass et dem Jakobus an dem Johannes gaang,
dem Zebedäus senge Jongen,
déi mat dem Simon zesummegechafft hunn.

Du sot de Jesus zum Simon:

"Fäert net!

Vun elo u solls du Mënsche fänken!"

- ¹¹ Nodeems si d'Naachen nees u Land gezunn haten,
hunn si alles stoen a leie gelooss
a sinn dem Jesus nogaang.